ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

N° 5544
Reçue le 21.01.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 21.01.2022

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 21. Januar 2022

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Energieminister weiderzeleeden.

An der Äntwert op meng parlamentaresch Fro Nummer 4789 schreift den Här Energieminister, datt eis Stroumimporter 2020 zu 69,9 Prozent aus Däitschland an zu 22,5 Prozent aus Frankräich koumen. Den Här Minister weist an deem Zesummenhang och op d'Differenz tëschent dem Importland an dem urspréngleche Produktiounsstanduert hin.

Frankräich kënnt wéinst der staarker nuklearer Komponent a senger Stroumproduktioun op en duerchschnëttleche Wäert vun 45 Gramm CO2/KW, wärend dës Zuel fir Däitschland bei 199 Gramm CO2/KW läit. An där am Abschnitt virdrun zitéierter parlamentaresch Fro huet den Här Energieminister an deem Sënn ausgefouert, datt d'Käschte vun den CO2-Zertifikater eng vun den Ursaache waren, firwat de Stroumpräis fir d'Lëtzebuerger Stéit 2020 duerchschnëttlech em 10 Prozent geklommen ass.

An deem Zesummenhang géif ech dem Här Energieminister gär dës Froe stellen:

1) Kann den Här Minister eng Tabell presentéieren, déi regruppéiert, aus wéi enge Länner Lëtzebuerg säi Stroum wärend de Joren 2019 an 2020 importéiert huet awer och, wou an aus wéi enger Energiequell dësen urspréngelech gewonne gouf?
2) Kann den Här Minister elaboréieren, no wéi enge Modalitéiten den CO2-Ausstouss/KW bei der Stroumproduktioun ermëttelt an de Präis vun den CO2-Zertifikater berechent gëtt? Kann den Här Minister an deem Sënn matdeelen, wéi eng Moossnamen hien ergraff huet, fir d'Käschte vun den CO2-Zertifikater méiglechst niddreg ze halen, fir datt de Faktor Energie d'Stroumpräisser fir d'Lëtzebuerger Clienten net onnéideg an d'Luucht dreift?
3) Kann den Här Minister eng Tabell presentéieren, déi d'Zuele vum CO2-Ausstouss/KW fir eis national Stroumproduktioun, souwéi fir eis eenzel Importlänner regruppéiert?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten

N° 5544
Reçue le 22.02.2022

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Énergie et de
l'Aménagement du territoire

Département de l'énergie

**Äntwert vum Energieminister op d'parlamentaresch Fro n°5544 vum 21. Januar 2022 vum honorabelen Deputéierten Här Fred Keup iwwert Stroumimporter**

***1) Kann den Här Minister eng Tabell presentéieren, déi regruppéiert, aus wéi enge Länner Lëtzebuerg säi Stroum wärend de Joren 2019 an 2020 importéiert huet awer och, wou an aus wéi enger Energiequell dësen ursprénglech gewonne gouf?***

Wéi aus dem ILR sengen alljärlechen Rapporten iwwert de Stroummarché ervir geet importéiert Lëtzebuerg am meeschten aus Däitschland sou wéi folgend Tabell fir d'Joren 2019 an 2020 ausweist:

| [GWh] | 2019 | 2020 |
|---|---|---|
| **Däitschland** | 4 029 | 3 584 |
| **Frankräich** | 1 338 | 1 155 |
| **Belsch** | 240 | 390 |

Dobäi sief bemierkt, dass d'Importer aus Frankräich an zum gréissten Deel aus der Belsch an dat industriellt Netz vun der SOTEL, déi d'Fabricken vun der ArcelorMittal mat Stroum versuergt, fléissen.

Sou wéi och schonn a menger Äntwert op déi parlamentaresch Fro N° 4789 erklärt, soen des physesch Importwaerter net zwéngend aus wou a wéi de Stroum och ursprénglech produzéiert gouf. Fir de Mix vum physesche Stroum, den am europäeschen Verbundnetz fléisst, gëtt den europäesche Mix fir ganz kontinental Europa ugeholl sou wéi en vun Eurostat ausgewise gëtt an wéi en an folgender Tabell fir d'Joren 2019 an 2020 ze gesinn ass:

| | 2019 | 2020 |
|---|---|---|
| **a) Énergie fossile non renouvelable** | **42,4%** | **39,6%** |
| houille | 7,5% | 6,2% |
| lignite | 9,0% | 7,4% |
| gaz naturel | 15,9% | 16,3% |
| autres énergies fossiles (pétrole, autres) | 10,0% | 9,7% |
| **b) Énergie nucléaire** | **26,4%** | **25,0%** |
| **c) Sources d'énergie renouvelables** | **30,9%** | **35,0%** |
| biomasse, biogaz, gaz des stations d'épuration d'eaux usées, gaz de déch | 2,6% | 2,9% |
| énergie éolienne | 13,4% | 14,9% |
| énergie hydroélectrique (*) | 9,8% | 10,9% |
| énergie solaire | 4,9% | 6,1% |
| autres sources d'énergie renouvelables | 0,3% | 0,3% |
| **d) Autres sources d'énergie et sources d'énergie non identifiables** | **0,3%** | **0,3%** |

(*) sans pompage Source: Eurostat

De Stroummix (Étiquette) vum Stroum den vun de Fournisseuren bei all de Clienten zu Lëtzebuerg verkaaft gëtt, muss dem ILR vun de Fournisseuren matgedeelt ginn, den dann all Joer doraus de nationale Mix ausrechent. An folgender Tabell sinn des Wäerter fir d'Joren 2019 an 2020 ze gesinn:

| | 2019 | 2020 |
|---|---|---|
| **a) Énergie fossile non renouvelable** | **30,2%** | **26,9%** |
| houille | 4,0% | 2,4% |
| lignite | 4,7% | 4,0% |
| gaz naturel | 8,0% | 7,3% |
| cogénération à haut rendement | 13,0% | 12,9% |
| autres énergies fossiles (pétrole, autres) | 0,5% | 0,3% |
| **b) Énergie nucléaire** | **10,7%** | **7,3%** |
| **c) Sources d'énergie renouvelables** | **59,0%** | **64,3%** |
| biomasse, biogaz, gaz des stations d'épuration d'eaux usées, gaz de déch | 5,5% | 2,5% |
| énergie éolienne | 4,8% | 5,3% |
| énergie hydroélectrique (*) | 46,9% | 54,2% |
| énergie solaire | 1,8% | 2,3% |
| autres sources d'énergie renouvelables | 0,0% | 0,0% |
| **d) Autres sources d'énergie et sources d'énergie non identifiables** | **0,1%** | **1,5%** |

(*) sans pompage Source: ILR

***2) Kann den Här Minister elaboréieren, no wéi enge Modalitéiten den CO2-Ausstouss/KW bei der Stroumproduktioun ermëttelt an de Präis vun den CO2-Zertifikater berechent gëtt? Kann den Här Minister an deem Sënn matdeelen, wéi eng Moossnamen hien ergraff huet, fir d'Käschte vun den CO2-Zertifikater méiglechst niddreg ze halen, fir datt de Faktor Energie d'Stroumpräisser fir d'Lëtzebuerger Clienten net onnéideg an d'Luucht dreift?***

***3) Kann den Här Minister eng Tabell presentéieren, déi d'Zuele vum CO2-Ausstouss/KW fir eis national Stroumproduktioun, souwéi fir eis eenzelImportlänner regruppéiert?***

$CO_2$ Emissiounen déi bei der Stroumproduktioun entstinn, hänken dovun of op de Stroum mat fossillen Quellen (z.B. Kuel oder Gas) oder mat erneierbaren Quellen generéiert gouf oder awer op et sech z.B. em Atomstroum handelt. Den ILR huet fir all Technologie en entspriechende Wäert festgeluecht, deen en notzt fir den Impakt vum Stroummix op d'Ëmwelt ze ermëttelen.

Deemno verursacht Stroum, den mat Kuel hiergestallt gëtt zwëscht 1080 an 1430 $gCO_2$/kWh, Stroum aus Gaskraft 436 $gCO_2$/kWh[1]. Atomstroum verursaacht zwar manner $CO_2$-Emissiounen, mee dofir awer radioaktiven Offall, deen eise Planéit onendlech laang belaascht. De Stroum aus erneierbare Quellen setzt praktesch keen $CO_2$ fräi.

[1] Règlement E11/14/ILR du 29 mars 2011 portant fixation des valeurs par défaut de l'impact environnemental et abrogeant le règlement E10/24/ILR du 19 octobre 2010 portant fixation des valeurs par défaut de l'impact environnemental

Den ILR rechent op Basis vum nationale Stroummix all Joer den Impakt op d'Ëmwelt aus, am Sënn vun $CO_2$-Emissiounen an och vun radioaktivem Offall pro kWh Stroum déi zu Lëtzebuerg verbraucht ginn ass, sou wéi a folgender Tabell ze gesinn ass:

| | **2019** | **2020** |
|---|---|---|
| $CO_2$ Emissionen [g/kWh] | 182,40 | 158,35 |
| Radioaktiven Offall [mg/kWh] | 0,65 | 0,47 |

$CO_2$ Zertifikater ginn am Rahmen vum sougenannten europäeschen "Emission Trading Scheme" (EU-ETS) gehandelt. De Präis gëtt duerch de Marché ermëttelt an ergëtt sech aus der Offer an aus der Demande vun esou Emissiounsrechter a loung laang Zäit däitlech ënner 20 Euro pro Tonne, op engem extrem niddrege Niveau. An de leschte Joren ass den $CO_2$ Präis awer staark geklommen a läit de Moment bei iwwer 90 Euro pro Tonne $CO_2$. Dëse Präis gëtt just duerch den europäeschen Emissiounshandel konditionéiert, a kann vum Staat also net beaflosst ginn. Alleguer déi europäesch Acteuren sinn deem Präis an dem selwechte Mooss ausgesat.

Lëtzebuerg, den 22. Februar 2022

(s.) Claude Turmes

De Ministre de l'Énergie